Den 3. November 2022 war ëm 14:00 Auer eng ëffentlech Gemengerotssitzung matzen an der Allerhellgenvakanz.

1) **Résolution relative à des économies d'énergie**

De Gemengerot huet an enger Resolutioun decidéiert, dës Energiespuermoossnamen an d'Weeër ze leeden:

- Et soll op d'natierlecht Liicht an de Verwaltungsgebaier gesat ginn, d.h. et sollen net gläichzäiteg Store vun de Fënsteren erofgelooss an d'Luucht ugemeet ginn.
- Owes sollen d'Computeren an d'Drucker ausgeschalt ginn.
- De leschten, deen e Raum verléisst, soll d'Luucht ausmaachen.
- D'Temperatur an de Gemengegebaier gëtt op 20 Grad limitéiert a gläichzäiteg ass de Gebrauch vun elektreschen Heizkierperen etc. verbueden.
- An den Toilette soll op de Gebrauch vu waarme Waasser bei de Lavaboe verzicht ginn.
- D'Chrëschtbeliichtung gëtt op d'Grand-Rue, d'Plaz Frounert an den ënneschten Deel vun der Mierscherstrooss (d.h. bis bei d'Schoul) limitéiert.
- Och soll de Betrib vun den elektronesche Ecrane bei der Gemeng an op der Plaz Frounert zäitlech limitéiert ginn, woubäi de Schäfferot net präziséiert huet, wat dat konkret heescht.

No enger Interventioun vun der CSV-Fraktioun gëtt déi ëffentlech Stroossebeliichtung tëschent 1 Auer a 5 Auer an der Nuecht <u>net</u> ausgeschalt. Et goung eis ëm d'Sécherheet vun de Matbierger. D'Spuerpotential wier och kleng, well an de leschten Joren d'Beliichtung schonns gréisstendeels op LED an de Wunnquartieren ëmgestallt gouf.

De Schäfferot huet der CSV-Fraktioun zougeséchert, déi extern Beliichtung vun de Gemengegebaier ofzeschalten, wann se just architektonesch Elementer beliichten. Dat gëllt zum Beispill fir d'Kierch, fir d'Gemengenhaus, de Wonerbatti, d'Sportshal an och d'Musekshaus.

2) **Ouverture des magasins en 2023**

De Wirtschaftsminister gëtt gefrot, fir datt déi Biisser Geschäftsleit sonndes an op de Feierdeeg hir Geschäfter am Joer 2023 kënnen opmaachen.

3) **Réglementation des nuits blanches en 2023**

Fir d'Joer 2023 goufen d'fräi Nuechten op de Virowend vum Fest vun der Aarbecht (30. Abrëll 2023), op de Virowend vum Europadag (8. Mee 2023), op de Kiermesweekend (2.-4. Juni 2023), op de Virowend vun Nationalfeierdag (22. Juni 2023) an op Silvester (31. Dezember 2023) festgeluecht.

4) **Programme d'action annuel du SICONA pour l'exercice 2023**

Am Aarbechtsprogramm vum Naturschutzsyndikat SICONA fir d'nächst Joer sinn déi geplangten Aarbechten opgezielt. Dat Ganzt kascht 445.400 Euro, dovunner sinn awer nëmmen 154.000 Euro zu Laaschte vun der Gemengekeess. De Rescht iwwerhëlt de Staat. Am

Total sinn och d'Käschte fir de Beroder Naturpakt virgesinn (30.000 Euro), deen d'SICONA der Gemeng stellt.
Nieft de klasseschen Aarbechten (Entretien vun de Biotopen, Kooperatioun mat de Baueren, Aktioun Päiperlek, SICONA Kids, Natur genéissen, Uebstbeem, …) ass nach eng Kéier d'Wiss (65 Ar) bei der aler Kläranlag am Brill geplangt, wou e 4,5 grousse Stéigewässer ugeluecht gëtt. Dës Aarbechte ware schonns d'lescht Joer virgesinn, goufen awer ëm e Joer reportéiert, well d'Geneemegung vum Waasserwirtschaftsamt op sech waarde gelooss huet. Dëse Projet kascht 174.000 Euro.
Fir d'zweete Kéier gouf de Projet vun der Neiusiidlung vum Heckefräsch op Steenäcker reportéiert. Dës Kéier waren d'Wäerter vum Weier problematesch.

**5) Approbation d'une convention**

Mat der Madame Sophie Kolbach vum Bill gouf eng Konventioun fir hir Terrainen an Hëttend an "ënner Helperich" ofgeschloss. Op dësen 68 Ar gëtt eng "Entbuschung" virgeholl, "um die vorhandene magere Wiesenvegetation wieder freizustellen".

**6) Pacte Nature**

**a) Nomination des membres de l'équipe pacte nature**

Am Kader vum Naturpakt gëtt dës Equipe Pacte Nature agesat:

- Joëlle Fagny, Presidentin vun der Ëmweltkommissioun
- Marc Mensen, Ingenieur am Service technique vun der Biisser Gemeng
- Serge Reinhardt, Fierschter
- Laurent Roob, SICONA-Mataarbechter, Vize-Beroder Pacte Nature
- Roger Saurfeld, Ëmweltschäffen
- Yves Schaack, SICONA-Mataarbechter, Beroder Pacte Nature
- Yves Urwald, Gemengesekretär

**b) Détermination d'un concept de communication**

D'Ëffentlechkeet soll iwwer déi konkret Moossname vun der Gemeng am Kader vum Pacte Nature informéiert ginn. Heizou verflicht sech d'Gemeng zu op mannst 6 Publikatioune pro Joer, zum Beispill am Klautjen, an Dageszeitungen, op Facebook, …

**c) Définition d'un taux des surfaces non scellées dans les nouvelles zones résidentielles**

De Gemengerot war opgeruff, e « coefficient de non-scellement » festzeleeën, deen als d'Verhältnis tëschent (1) net versigelten oder deelweis versigelten ëffentleche Plazen, Trottoiren a Parkingen an (2) dem Total vun allen ëffentleche Plazen, Weeër, Trottoiren a Parkingen definéiert ass. Et gouf länger Diskussiounen, ob dësen Taux op 10%, op 15% oder op 20% festgeluecht sollt ginn. Schlussendlech war de Gemengerot sech eens, den Taux op 20 Prozent an den neie Lotissementer (PAP) festzeleeën, well doduerch d'Hoffnung besteet, deelweis op aner kompliziéiert Bauwierker (ewéi z.B. Waasseropfangbecken) kënnen ze verzichten.

**d) Choix concernant les espèces végétales admises pour les nouvelles plantations communales**

Bäi hire Grénganlage gräift d'Gemeng an Zukunft nëmmen nach op einheimesch Hecken a Pflanzen zréck.

**e) Stratégie pour la protection de l'environnement**

Fir de Pacte nature huet de Gemengerot eng Ëmweltschutzstrategie misste festleeën. Als Grënnungsmember vum Natursyndikat SICONA huet d'Biisser Gemeng schonns vill Viraarbecht op dësem Terrain geleescht. Ënner dem leschte CSV-Schäfferot gouf ganz erfollegräich de Projet « Natur genéissen » (d.h. d'Benotze vu regionale Liewensmëttelen) an der Maison Relais ëmgesat an den Asaz vu Schof zum Méie vu Wisen initiéiert.

Déi eenzel Kapitele vun der Strategie hunn Iwwerschrëften, ewéi z.B. :

- "naturnahe Nutzung der öffentlichen Grünflächen"
- "Reduzierung der Nutzung von Pestiziden und anderen chemischen Stoffen, die Insekten beeinträchtigen";
- "Reduzierung der Lichtverschmutzung";
- "Ermutigung der Mitarbeiter an insektenbezogenen Weiterbildungen teilzunehmen";
- "Bestandssicherung und Erhalt aller artenreichen mageren Flachland-Mähwiesen über Biodiversitätsverträge";
- "Wildkatzen-Korridore";
- "Renaturierung von verrohten oder gefassten Quellen und Quellbächen";
- "Rückbau von Entwässerungsmaßnahmen; Wiedervernässung".

**7) Adaptations budgétaires**

Bäi de 4 Géigestëmme vun der CSV-Fraktioun goufe fir e Gesamtbetrag vun 168.437 Euro verschidden Upassungen am Gemengebudget virgeholl. Esou huet d'Manifestatioun « Kenn Deng Gemeng » vum Service des sports bäi 4 Participanten am Ganze 17.700 Euro kascht. Och gouf d'Summerfest ëm 5.050 Euro méi deier, nämlech ënner dem Stréch 33.050 Euro. Och beim Schoulfest hunn sech d'Käschte vu 7.000 Euro op 15.500 Euro méi wéi verduebelt.

**8) Approbation d'un compromis**

Am Viichterwee keeft d'Gemeng 518,89 Ar Agrarland (mat engem alen Haus ouni Uschlëss un déi ëffentlech Energieversuergung) fir 990.000 Euro vum Här Nicolas Thillmany. D'Famill däerf d'Scheier nach bis Ënn 2023 notzen. Iwwer déi künfteg Notzung wollt sech de Schäfferot nach net an d'Kaarte kucke loossen, mee d'Agrarland ass wäertvoll fir d'"réserve foncière" vun der Biisser Gemeng.

**9) Approbation de plusieurs règlements de circulation**

**a) Route de Roost**

Fir den Ëmbau vun der Rouschterstrooss ass zënter dem 3. Oktober den Accès zu den Haiser 40 bis 54 beanträchtegt.

**b) Route de Luxembourg**

D'Creos schafft un hire Mëttelspannungsleitungen um Rouscht. Dofir gëtt den Trafic bis den 11. November 2022 zäitweis op der Kräizung um Rouscht mat roude Luuchte gereegelt. Och ass d'Route de Luxembourg um Rouscht virum Haus Nummer 8 méi schmuel ewéi gewinnt.

**10) Approbation de plusieurs règlements communaux**

**a) Sportifs méritants**

De Sportskoordinateur Raphaël Stacchiotti huet e Reglement virgestallt, fir verdéngschtvoll Sportler aus der Gemeng finanziell ze belounen. An den nächsten Deeg gëtt heizou e Flyer un all Stéit verdeelt. D'Sportleréierung ass fir den 21. Dezember 2022 ugesat.

**b) Aide pour le maintien de la qualité de vie**

De Schäfferot ass op d'Initiativ vun der CSV-Fraktioun zréckkomm, fir eng Energieprime zousätzlech zur « Prime de vie chère » anzeféieren. De Schäfferot nennt d'Energieprime e bëssen aneschters, nämlech « aide pour le maintien de la qualité de vie ». All Stot, deen an de Genoss vun der staatlecher « allocation de vie chère » vum Fonds national de solidarité kënnt, kritt nieft der kommunaler « allocation de vie chère » (25% vun der staatlecher Hëllef) fir d'Joer 2022 zousätzlech :

- 435 Euro (1 Persoun am Stot) ;
- 550 Euro (2 Persounen am Stot) ;
- 665 Euro (3 Persounen am Stot) ;
- 780 Euro (4 Persounen am Stot) ;
- 895 Euro (méi wéi 4 Persounen am Stot).

**11) Indemnité spéciale au chef de service du Service technique**

Den Här Luc Scholtes aus dem Service technique kritt bis den 28. Februar 2023 zousätzlech 20 Indexpunkten zu senger Pei, well hien zousätzlech zu senger normaler Aarbecht och als "Chef de service" vum Service technique am Gemengenhaus fungéiert.